N°3417
Entrée le 10.02.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

**Gemeinsam Äntwert vun der Madamm Ministesch fir Gesondheet a sozial Sécherheet, vun der Madamm Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau a vum Här Minister fir Wirtschaft, PME, Energie an Tourismus op d'parlamentaresch Fro n° 3417 vum 9. Januar 2026 vun der honorabeler Deputéierte Madamm Alexandra Schoos.**

*1) Wéi begrënnt d'Regierung déi Decisioun, fir offiziell als Partner vun enger Campagne opzetrieden, déi sech ëm eng privat Decisioun dréint (Alkoholkonsum)? Wéi gëtt déi Decisioun begrënnt, Abstinenz wärend engem Mount ze ënnerstëtzen nom Motto "alles oder näischt"?*

Alkoholpräventioun gehéiert och zu Lëtzebuerg zu de politesche Prioritéiten am Beräich Gesondheetswiesen. Zu Lëtzebuerg dréit den Alkohol dozou bäi datt d'Stierflechkeet mi héich ass, wëssenschaftlech Studie weisen datt Alkohol déi drëtt wichtegst vermeidbar [1]ass. An duerfir ass de Message vun de Campagnen zur Alkoholpräventioun eng kritesch Reflexioun iwwert den eegenen Alkoholkonsum ze encouragéieren.

Et ass bewisen, datt Campagnen zum temporären Alkoholverzicht, déi d'allgemeng Bevëlkerung dozou opfuerderen, fir eng festgeluechte Period (meeschtens ee Mount) keen Alkohol ze konsuméieren, villverspriechend Initiativen duerstellen, fir Verhalensännerungen ze fërderen an d'allgemeng Gesondheet ze verbesseren[2].

*2) Wéi wëll de Ministère domat sécher stellen, datt d'Leit iwwert e verantwortungsvollen Alkoholkonsum informéiert sinn, souwéi déi gesondheetlech Follge vun engem net verantwortungsvollen Alkoholkonsum?*

Eng gemeinschaftlech Erausfuerderung erhéicht d'Chancë fir e Succès. Déi offiziell Applikatioun huet d'Participanten iwwer de ganze Mount begleet. Si ass gratis op iOS an Android verfügbar an a dräi Sproochen (Franséisch, Däitsch an Englesch). D'Applikatioun erlaabt et, ënner anerem den eegene Fortschrëtt Dag fir Dag ze verfollegen, d'Virdeeler fir d'Gesondheet ze moossen an individuell Encouragementer ze kréien.

D'Ëffentlechkeet war och ageluede ginn, sech op dryjanuary.lu anzeschreiwen, fir reegelméisseg Ënnerstëtzungsmessage mat prakteschen Tipps a Rotschléi ze kréien, oder der Facebook-Säit „Dry January Luxembourg" ze suivéiere wou een och rëm praktesch Tipps a Rotschléi fanne kann.

*3) Gouf dës Ënnerstëtzung vum "Dry January" am Virfeld interministeriell koordinéiert? Falls jo, vu wéi engen Zuelen oder Prämisse geet d'Regierung aus fir: a. d'Unzuel u Leit déi matmaachen; b. de Wirtschaftlechen Impakt; c. den Impakt op d'ëffentlech Gesondheet?*

Et huet keng interministériel Koordinatioun stattfonnt.

[1] State of Health in the EU – Luxembourg – Country Health Profile 2019 and 2023, OECD.
[2] Lespine LF et al. (2026) Determinants of successful completion and short-term benefits associated with temporary alcohol abstinence during Dry January in France: A prospective cohort study, Preventive Medicine, Volume 202,108428.

Den Dry January® gouf zesumme mat verschiddene Terrainspartner ëmgesat, déi am Beräich vun der Suchtpreventioun aktiv sinn. Am Hibléck op änlech Initiativen, déi parallel vun dëse verschiddene Terrainspartner an de leschte Joren duerchgefouert goufen (Sober Buddy Challenge vun der Fondation Cancer an den Dréchene Januar vum Suchtverband), war et d'Zil, um nationalen Niveau zesummenzeschaffen an dat am Kader vum lëtzebuergeschen Aktiounsplang géint de Mëssbrauch vun Alkohol (PALMA).

a. Et hunn sech bal 300 Leit op dryjanuary.lu ageschriwwen an 1670 hunn d'App erofgelueden a sinn aktiv Benotzer.

b. De wirtschaftlechen Impakt vum Dry January ass net direkt moossbar.

c. Et ass à ce stade ze fréi den Impakt op d'ëffentlech Gesondheet ze kennen.

*4) Wéi eng Donnéeë ginn am Kader vum "Dry January" erhuewen an duerch wéi eng Institutioun?*

D'Gesondheetsdirektioun sammelt den Numm, Virnumm an d'E-Mailadress iwwert d'Landing Page wann d'Leit sech fräiwëlleg umelle fir beim Challenge matzemaachen. All Moment kann een sech per E-Mail rëm ofmellen an d'Donnéeë ginn esou laang gehale wéi de Challenge dauert plus ee Mount, dat heescht Enn Februar ginn d'Donnéeë geläscht. D'App ka fräiwëlleg erofgeluede ginn an all Benotzer kann seng Donnéeën anonymiséiert matdeelen oder net andeems en den Disclaimer akzeptéiert oder net.

*5) Kann d'Regierung eng Tabell presentéiere mat follgenden Donnéeën: a. wéi vill Alkohol zu Lëtzebuerg all Joers verkaf gëtt pro Mount; b. wéi vill Alkohol tatsächlech hei zu Lëtzebuerg konsuméiert gëtt pro Mount; c. wéi sech déi Zuelen op déi eenzel Kategorië vun alkoholeschem Gedrénks verdeelen (Béier, Wäin, Likör, héichprozentegen Alkohol, asw.)?*

*6) Kann d'Regierung dobäi, sou wäit wéi déi Donnéeë verfügbar sinn, de soziale Kader vum Konsum (HORECA), ëffentlech Veranstaltungen, private Konsum asw.) preziséieren?*

*7) Wäert d'Regierung duerfir suergen, datt d'Zuelen zum Verkaf zu Lëtzebuerg an zum tatsächleche Konsum hei zu Lëtzebuerg allgemeng, a besonnesch am Kader vun der Campagne, net matenee vermëscht ginn, och fir en Imageschued fir déi betraffe Secteuren ze vermeiden? Falls jo, verlaangt d'Regierung déi Suergfalt och vun den Initiateure vun der Campagne?*

**Tableau 1: D'Verkeef**

| **Nature des vins** | **2021/2022** | **2022/2023** | **2023/2024** | **2024/2025*** |
|---|---|---|---|---|
| Crémant, mousseux et vin indigène | 55.827 | 58.519 | 58.727 | 58.004 |
| Vin blanc et mousseux étrangers** | 77.881 | 73.565 | 72.809 | 70.624 |
| Vin rouge et rosé étrangers*** | 129.913 | 116.978 | | |

| | | | | |
|---|---|---|---|---|
| | | | 106.946 | 100.547 |
| **Total (hl)** | **263.621** | **249.062** | **238.482** | **229.175** |
| | | | | |
| **Bières (hl)** | | **2022** | **2023** | **2024** |
| | | 492.046 | 467.233 | 431.316 |
| **Spiritueux (hl alcool pur)** | | **2022** | **2023** | **2024** |
| | | 60.254 | 69.683 | 67.791 |

Aktuell gëtt et keng Enquête déi Daten iwwert d'Consommatioun vun de Quantitéiten erhieft. Et ginn Daten iwwert d'Quantitéite fir d'Produktioun an d'Importer an d'Exporter vun de Produzenten an dem Handel. Dowéinst muss ee fir d'Quantitéiten ze schätzen eng indirekt Method wielen. Daten aus de *Comptes nationaux* sinn do hëllefräich. *D'Comptes nationaux* maachen eng Schätzung vum Konsum vun den Haushalten an Euro an zu konstante Präisser (Inflatioun berengegt). Déi Daten erlaben den Undeel vun de Konsumenten déi zu Lëtzebuerg wunnen un de Verkeef am Tableau ze schätzen. Zu deem Zweck muss een allerdéngs unhuelen, dass den Undeel un de Verkeef u Konsumenten aus Lëtzebuerg selwecht ass am HORECA wéi am Handel oder bei de Produzenten. Déi Schätzung ass am follgenden Tableau gemaach:

**Tableau 2: D'Consommatioun zu Lëtzebuerg**

| | 2021/2022 | 2022/2023 | 2023/2024 | 2024/2025* |
|---|---|---|---|---|
| Vins (hl) | 204139 | 185476 | 177716 | 170943 |
| | | **2022** | **2023** | **2024** |
| Bières (hl) | | 400993 | 362682 | 333171 |
| Spiritueux (hl alcool pur) | | 42382 | 49770 | 47937 |

*NB. D'Consommatioun an de Compes nationaux gëtt geschätzt am Moment vum Verkaf. Eventuell privat Stocken ginn net betruecht.*

Den Tableau 2 huet och eng gréisser Limite. De Konsum vun den Awunner am Ausland gëtt do net betruecht (Vakanz, aner Deplacementer am Ausland, Direkt Bestellung am Ausland). Et gëtt zwar eng Schätzung an Euro vun deenen Depensen. D'Quantitéite kéint ee just schätzen zum Beispill andeems een unhëlt den Duerchschnëttspräis wär de selwechte wéi bei engem Verkaf zu Lëtzebuerg.

Wat d'Konsumverhale vu Residenten ugeet, verweise mir op europäesch Statistiken. Laut EUROSTAT zum Beispill weisen déi lescht Statistike vun der EHIS (European Health Interview Survey), dass Lëtzebuerg mat 43,1 % déi zweet héchst Frequenz vun der wéchentlecher Consommatioun huet, no Holland (47,13 %). Dëse Prozentsaz läit iwwer deem vun der Belsch (40,8 %), vu Frankräich (34,0 %), vun Däitschland (32,2 %) an iwwer dem Duerchschnëtt vun der EU-27 (28,8 %). Am Verglach mat der Belsch (7,6 %), Holland (5,9

%), Däitschland (5,0 %), Frankräich (4,1 %) an dem Duerchschnëtt vun der EU-27 (3,7 %) huet Lëtzebuerg (10,5 %) iwwerdeems ee vun den héchsten Undeel u Persounen, déi uginn, op d'mannst eemol d'Woch exzessiv ze konsuméieren, och *Binge Drinking* genannt.

*8) Wéi vill kascht d'Partnerschaft vum "Dry January" insgesamt? Kann d'Regierung eng Tabell presentéieren, déi déi eenzel Kategorien (elektronesch Lizenzen, Publicitéit, Subsiden asw.) regruppéiert?*

D'Gesondheetsdirektioun huet d'Lizenz iwwerholl : 31 334,19 €

D'Fondation Cancer huet d'Kreatioun vun de Visueller fir d'Facebook-Säit finanzéiert (483,21 € un eng Grafikerin).

Den nationale Suchtpräventiounszentrum (CNAPA) huet d'Sponsorisatioun vum Post op Social Media iwwerholl : 1480 €.

| *Institution* | *Kategorie* | *Budget* |
|---|---|---|
| Direction de la santé | Lizenz a Mise à disposition vum Outil (app Try Dry®) | 31 334,19 € |
| Fondation Cancer | Kreatioun vun de Visueller | 483,21 € |
| CNAPA | Sponsorisatioun vum Post op Social Media | 1480 € |
| | **Total** | **33 297,40 €** |

*9) Huet d'Campagne vum "Dry January" Auswierkungen op d'Neijoerschpätt vun ëffentlechen Institutiounen? Gouf et am Virfeld eng Recommandatioun oder Direktiv, fir op entspriechende Veranstaltungen op d'Offer vun Alkohol ze verzichten?*

D'Campagne Dry January® huet kéng Auswierkungen op d'Neijoerschpätt vun ëffentlechen Institutiounen. Et gouf kéng Recommandatioun oder Direktiv am Virfeld veröffentlecht fir op entspriechende Veranstaltungen op d'Offer vun Alkohol ze verzichte.

*10) Gesäit d'Regierung vir, Produzenten an Ubidder vun alkoholeschem Gedrénks fir eventuell Verloschter, déi duerch déi offiziell Ënnerstëtzung vum "Dry January" entstinn, ze entschiedegen? Falls net, firwat net?*

Den Dry January® ass Deel vun enger präventiver Approche an der ëffentlecher Gesondheet, mat dem Zil, op fräiwëlleger an temporärer Basis eng individuell Reflexioun iwwer den Alkoholkonsum an seng Auswierkungen op d'Gesondheet unzereegen. Dës Initiativ stellt kee Verbuet duer. Si huet virun allem zum Zweck, d'Wuelbefannen ze färderen, bestëmmte Krankheete virzebeugen an op laang Siicht déi mënschlech a sanitär Käschten am Zesummenhang mam Alkoholkonsum ze reduzéieren.

Et si keng Mechanisme fir wirtschaftlech Entschiedegunge virgesinn, well den Dry January® keng zwéngend oder strukturell Moossnam fir de Marché duerstellt. Gläichzäiteg gëtt festgestallt, datt d'Erwaardunge vun de Konsumentinnen a Konsumenten sech weiderentwéckelen an datt vill Acteure vum Secteur schonn Alternativen ouni Alkohol oder mat nidderegem Alkoholgehalt ubidden.

*11) Gesäit d'Regierung vir, Produzenten an Ubidder vun entalkoholiséiertem Gedrénks (0% Béier, 0% Wäin,...) finanziell ze ënnerstëtzen, fir z.B. d'Fuerschung an deem Beräich virun ze dreiwen, erhéichte Produktiounskäschten opzefänken, asw.?*

Iwwer Innovatiounsférderung kann de Landwirtschaftsministère esou Projete finanziell ënnerstëtzen. Bis elo huet awer nach keen esou eng Demande eraginn.

Lëtzebuerg, den 10. Februar 2026

D'Ministesch fir Gesondheet
a sozial Sécherheet

(s.) Martine Deprez